

Puriskiris Hëllef fir eeler Leit

Iwwer de Projet PURISKIRIS, dee virun zwee Joer vun der Fundatioun *Cristo Vive* an d'Liewe geruff gouf, ginn am Moment 75 eeler Leit, virun allem Fraen, am Alter zwëschent 75 a 94 Joer betreit.

Déi meescht vun hinne liewen alleng an extrem aarme Verhältnissen. Sie hunn dacks just e klengen Ënnerdaach ouni fléissend Waasser, ouni Toilette. Gekacht gëtt dobaussen ob engem oppene Feier. Hiert eenzegt Akommes ass d'*Renta Dignidad*, eng Alterspensioun vun 250 Bolivianos de Mount - ongeféier 25 Euro. Dat geet och a Bolivien net duer, fir sech gutt ze ernähren an a wüerdige Konditiounen ze liewen.



D'Rosario an de Freddy bei Hausbesich

D'Rosario an de Sozialaarbechter Freddy, këmmen sech ëm des Leit. Si maachen Hausbesich, hëllef bei klengen Aarbechten, bréngen och eppes z'iessen mat. Wëll di meescht eeler Leit just Quechua schwätzen, kréien si och bei administrative Formalitéite gehollef.

E kleng Grupp vun méi rüstegen Dammen begéint sech eemol d'Woch zu Cochabamba, wou si mateneen strécken a bitzen.

Andamos! huet sech engagéiert fir dëse Projet während mindestens dräi Joer ze ënnerstëtzen.

Parrainage

E grouse Merci un d'Pätteren an d'Giedelen!

De Parrainageprojet fir d'Internatschüler vun der Handwierkerschoul *Sajarinapaj* zu Bella Vista leeft mat vill Erfolleg virun.

Dëst Schouljoer sinn 46 Schüler am Internat. Si sinn op véier Dortoiren vun jeweils 9 – 12 Persounen opgedeelt. Hei ass et un hinne selwer fir fir Uerdnung ze suergen.

D'Chargen, wéi zum Beispill Botzen a Kachen, sinn iwwer ee genaue Chargeplang organiséiert. Jiddereen muss matschaffen. Et ass also keen Liewen am Luxus, mee am Verglach mat den aarme Verhältnissen, aus deenen d'Jongen a Meedercher kommen, hu si hei eng Méiglechkeet, ënner uerdentleche Konditiounen hir Schoul ze maachen.



Wann Dir intresséiert sidd, och e Parrainage vun 20.-€ de Mount ze iwwerhuelen, dann zéckt net a mellet lech iwwer info@andamos.lu oder bei engem vun eise Memberen.

Mir soe Merci am Numm vun de jonke Bolivianer!



iAndamos!
zesumme mat Latäinamerika



Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange

L-7681 WALDBILLIG

Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu

BCEE LU80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri

Liesie Gompelmann a Fränk Arend

Marc Frieden an Nadine Lamesch

n.
5

2013 - 2014



Virwuert



Andamos! feiert dëst Joer säi fënnefte Gebuertsdag, an dorop si mir immens houfreg! Mir kucken op eng Rëtsch flott Stonne bei gemeinsamen Aktivitéiten a Versammlungen zeréck an, net ze vergiessen, op dräi erfollegräich Visiten a Bolivien.

Och dëst Joer ware mir nees zu véier „on Tour“, an hunn eis e Bild vun der gudder Aarbecht vun eise Partner gemaach. Kloerheet krute mer an eise Gesondheitsprojet zu Tirani, wou mëttlerweil eenzel Servicer vum bolivianesche Staat ofgedeckt ginn, a mir esou manner brauchen bäizesteieren. Eisen neie Projet Puriskiris leeft ganz gutt, a mir hunn eis iwwert déi zum Deel desolat Zoustänn vun ale Leit a Bolivien e Bild gemaach. De Projet Teatrobús am Chile si mer zwar net besicht gaang, mee eis Partnerin Diane Catani hält eis regelméisseg um Lafenden. Dëst Joer soll eng eegen Asbl dohanne gegrënnt ginn, mat deem mer méi einfach schaffen kënnen.

Andamos! wënscht lech alles Guddes fir d'Joer 2014! Mir hoffen och weiderhin op är Hëllef an Ënnerstëtzung, a soen lech dofir villmools MERCI!



Projeten a Bolivien

Elterenaarbecht - fir dass et de Kanner besser geet.

De Projet *Trabajo con padres* ass och dëst Joer zu Bella Vista mat vill Engagement weidergefouert ginn. Et goufen dräi Workshops fir d'Elteren vun de Spillschoulskanner organiséiert. Heibäi goung et ëm Ernährung, Ënnerernährung an Frëiförderung beim Kand. Donieft gouf et och een Nomëtten fir Elteren, déi Schwierigkeeten mat der Erzéiung vum Kand hunn.

Et fällt op, dass d'Participatioun un den Ateliers immens grouss ass. D'Analia, Responsabel vum Projet,

kann och schon siichtbar Erfolleger virweisen. Sou kommen d'Kanner mëttlerweil vill méi regelméisseg an d'Schoul, an si bréngen Uebst amplaz vu Séissegkeeten mat.

All Joer gëtt eng grouss Botzaktioun organiséiert, wou d'Elteren fir en Dag an d'Schoul kommen an alles botzen - vum Gebai bis zu den Spillsaachen.

Andamos! huet sech engagéiert fir dese Projet och fir déi nächst dräi Joer ze ënnerstëtzen.



Am Chile Teatrobús

D'Diane Catani, lëtzebuerger Sozialpädagogin, bidd de Kanner a Jugendléchen aus dem Aarmevéirel Recoleta zu Santiago Theateratelieren un, déi all Joer gutt ugeholl ginn.

Weider Infos fannt Dir bei:
<http://teatro-bus.weebly.com/>



Bolivien

Hausaufgabenhëllef: Léieren an zesumme spillen zu Tirani

Vun der *Hausaufgabenhëllef* zu Tirani profitéieren momentan zirka 90 Kanner. Des Kanner kommen fräiwëlleg a gären an den *Apoyo escolar*, wëll si hei gutt gehollef kréien an häerzlech empfaange ginn. Si ginn dem Alter no a Gruppe vun 11 – 15 Kanner betreit. Den *Apoyo* dauert 3 Stonnen a besteet aus zwee Deeler: zum Enge ginn Hausaufgabe gemaach an zum Anere kënnen d'Kanner sech mat de Spiller aus der Ludotéik ameséieren.

Nieft dräi Educatricen schaffen nach dräi Studenten vun der Uni an deem Service. Et funktionéieren ausserdeem nach zwee Gruppe mat Kanner, déi extrem Léierschwierigkeeten hunn; si ginn individuell betreit.

D'Hausaufgabenhëllef zu Tirani gëtt och di nächst 3 Joer vun *Andamos!* matfinanziert.



STIPENDIEN fir eng besser Zukunft

Andamos! ënnerstëtzt um Moment zwou jonk Fraen mat engem Stipendium.

D'Silvia léiert fir Assistante sociale an ass am sechsten Semester. Hatt schafft all Dag bis an den fréien Nomëtten fir d'Fundatioun *Cristo Vive* zu Tirani an der Kannerbetreung. No senger Aarbecht geet hatt op d'Uni, wou d'Couren bis 20.00 Auer daueren.

D'Albina mecht eng Ausbildung an der Gastronomie. Hatt ass de ganzen Dag an der Schoul an kann sech doduerch manner fir d'Fundatioun engagéieren. Seng Formatioun ass no engem Joer ofgeschloss.